ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der internationaler Schoul vun Déifferdeng war d'Fach "Lëtzebuergesch" relevant als Promotiounscritère vun de Schüler. Zënter 2021 zielt d'"Lëtzebuergescht" awer net méi fir d'Promotioun, resp. fir d'Weiderkommen an dat nächst Schouljoer. Dëst féiert dozou, dass eng Parti Schüler sech keng Méi ginn am Lëtzebuergeschen an dass d'Roll vum Lëtzebuergesche méi onwichteg ginn ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister bestätegen, dass d'Fach net méi relevant ass fir d'Promotioun?
2) Ween ass verantwortlech fir dës Entscheedung?
3) Ass am Virfeld vun dëser Entscheedung, respektiv virum Ëmsetze vun dëser Decisioun mat de Lëtzebuergesch-Proffe geschwat ginn, respektiv sinn si doriwwer informéiert ginn?
4) Kann den Här Minister soen, aus wéi enge Grënn Lëtzebuergesch net relevant ass fir d'Promotioun?
5) Kann den Här Minister opzielen, wéi eng Fächer an der internationaler Schoul zu Déifferdeng relevant si fir d'Promotioun, a wéi eng net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten